




Numm : _____


Pist vum Kotick




Ech kennen d'Grenzen
tëscht witzeg an domm a
weess, wéini et Zäit ass
domat opzehalen.




Ech probéiere verschidde
Gefiller ze spillen (z.B. wéi
een Trauregen, ee Frouen,
ee Granzegen,... sech fillt)




Ech spillen eng Roll beim
Theater oder bei engem
Video.




Ech begleeden e Lidd op
engem sëlwergebastelten
Instrument.




Ech danzen op eng Musék
an hëllefen deenen
aaneren matzeman.




Ech probéieren ze mierken
waat mech besonnech frou,
traureg oder rose mécht.




Ech reege mech net direkt
fir all Klenggeheet op, mee
probéiere roueg ze soen,
wa mir eppes net gefällt




Ech schaffe mat a bréngen
och nei Iddien




Ech hale mech un dat, wat
ech versprach hunn



Ech sinn éierlech a soen
d'Wourecht




Ech lauschteren och
deenen aneren hir
Meenung.




Ech gesinn an, wann ech
eppes falsch gemaach
hunn.

Dës Schrëtt maachen ech eleng a weisen se duerno engem Chef.




Ech schreiwen e flott
Erliefnes, wat ech a menger
Sizaine hat, op.

1. Fro däi/deng Chef/taine, ob s du z. B. um Camp e Campbuch maache kanns.
2. Probéier zesumme mat denger Sizaine all Dag eppes an dat Buch ze schreiwen, ze molen, ze pechen, wat dir deen Dag erlieft hutt.




Ech erklären en neit Spill.

1. Du kenns en neit Spill, wat déi aner Kanner nach net kennen.
2. Iwwerlee dir, wéi ee Material's du fir dat Spill brauchts (z. B. e Ball), a wéi's du dat Spill deenen anere Wëllefcher erkläers.
3. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini dass du dat Spill an enger Versammlung maache kanns an ob d'Material do ass.
4. Probéier dëst Spill deenen anere Wëllefcher ze erklären.




Ech léieren déi aner eppes
bastelen.

1. Du kenns eng flott Bastelaarbecht, déi s du schonns eng Kéier selwer gemaach hues.
2. Iwwerlee dir, wéi ee Material's du fir déi Bastelaarbecht brauchts (z.B Pech, Schéier, Pabeier), a wéi's du déi Bastelaarbecht deenen anere Wëllefcher erkläers.
3. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini's du déi Bastelaarbecht an enger Versammlung maache kanns an ob d'Material do ass.
4. Probéier dës Bastelaarbecht deenen anere Wëllefcher ze erklären.




Ech erzielen eng Geschicht.

1. Du kenns eng flott Geschicht.
2. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini's du déi Geschicht an enger Versammlung oder um Camp/Weekend erzielen kanns.
3. Probéier dës Geschicht deenen anere Wëllefcher op eng flott Manéier ze erzielen.




Ech hunn eng flott Iddi fir eng Dekoratioun, eng Invitatioun, e Plakat oder eng Menüskaart an hëllef se maachen.

1. Du méchs bei dir doheem eng Feier (z.b. eng Gebuertsdagsparty).
2. Bastel dofir eng flott Dekoratioun, Invitatioun, eng Kaart, e Plakat oder eng Menüskaart.
3. Bréng dengem/er Chef/taine dës mat.



Ech léiere meng Sizaine en neit Lidd.

1. Du kenns e flott Lidd.
2. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini s du dat Lidd an enger Versammlung oder um Camping sange kanns an ob jiddereen en Text vum Lidd kritt.
3. Probéier dëst Lidd mat deenen anere Wëllefcher ze sangen.



Ech erfanne mir selwer eng Verkleedung oder eng Mask a bastele se selwer

1. Fro däin/deng Chef/taine, wat d'Thema vun deenen nächste Versammlungen ass.
2. Bastel dir eng passend Mask oder Verkleedung zu deem Thema a bréng se mat an d'Versammlung.